ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Beim Chantier vum Tram fält op, datt do gewalteg Quantitéite vun Eisebeton verschafft ginn. Dobäi gëtt esouwuel bei der Produktioun wéi beim Transport op de Chantier vill C02 ausgestouss. Dëst ass och de Fall fir d'Produktioun vum Stol fir d'Schinnen an d'Catenairen (mat de Pottoen).

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen *dës Froe stellen:*

1) *Ass beim Ausschaffe vun de Pläng vum aktuellen Tracé vum Tram (Tramsschapp, Parcours Luxexpo – Gare) berechent ginn, wéi vill CO2 fir de Bau vun den Infrastrukturen ufält?*
2) *Wa Jo, wéi vill CO2 muss dofir ausgestouss ginn?*
3) *Wa Neen, kann de Minister matdeelen, wéi vill CO2 – op Basis vun internationalen Normen – fir dëse Chantier, inklusiv de Gebaier vum Tramsschapp, ausgestouss wäert ginn?*
4) *Ass den Här Minister bereet, der Chamber d'Berechnungen iwwert den CO2 bäizeleeën, falls d'Chamber mam Ausbau vum Tramsreseau befaasst gëtt?*

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen

Deputéierten